N°4033
Entrée le 20.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4033 vum 4. Mee 2026 vum honorable Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Cybersécurité des communes suite aux cyberattaques à Differdange".

1. Wou genee waren déi betraffen Donnéeë gespäichert (z. B. op Servere vun der Gemeng, bei engem externen Déngschtleeschter, an der Cloud), a wéi war dës Infrastruktur organiséiert?
2. Wien hat Accès zu dësen Donnéeën (intern Servicer, extern Fournisseuren), a wéi war dësen Accès gereegelt a geséchert?

Dem Inneminister ass net bekannt, wéi déi betraffen Donnéeë gespäichert waren a wéi eng Persounen Accès zu dësen Donnéeën haten. D'Gemengen sinn autonom an der Ausübung vun hire Missiounen an dëst gëllt och fir d'Digitaliséierung vun hiren Aktivitéiten, wéi fir de Choix vun Outile déi dofir genotzt kënne ginn.

3. Gräifen aner Gemengen, ewéi Déifferdeng, op déi selwecht Déngschtleeschter zeréck a goufen se vun der Cyberattack zu Déifferdeng a Kenntnis gesat?

Dëst ass dem Inneminister net bekannt.

4. Aus wéi enge Grënn gräifen d'Gemengen op privat Déngschtleeschter zeréck fir hir digital Plattformen, amplaz op ëffentlech oder interkommunal Strukture wéi de SIGI?

Ech verweisen op d'Äntwert zur Fro 1.

5. Besteet eng national Reegel oder Recommandatioun vun de Ministèrë fir d'Benotzung vu staatlechen oder interkommunalen IT-Infrastrukturen, besonnesch wann et ëm d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeë geet?

Et gëtt keng national Reegel oder Recommandatioun aus där eng Obligatioun fir d'Benotze vu staatlechen oder interkommunalen IT-Infrastrukturen fir d'Gemengen ervir geet.

Wat den Ëmgang matt perséinlechen Donnéeën ugeet, ënnerleien d'Gemengen och ënnert den Dispositiounen vum *Règlement (UE) 2016/679 du Parlement européen et du Conseil 27 avril 2016 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données, et abrogeant la directive 95/46/CE* (RGPD). Dem Artikel 5, Paragraf 1, Punkt f), no muss d'Beaarbechtung vu perséinlechen Donnéeën esou statt fannen, dass d'Sécherheet an d'Intégritéit vun den Donnéeën assuréiert ass, domat keng onautoriséiert oder ongesetzlech Veraarbechtung ka geschéihen, souwéi och kee Verloscht, keng Vernichtung oder Beschiedegung vun den Donnéeën[1].

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden

[1] Article 5. Principes relatifs au traitement des données à caractère personnel
1. Les données à caractère personnel doivent être : (...) ; f) traitées de façon à garantir une sécurité appropriée des données à caractère personnel, y compris la protection contre le traitement non autorisé ou illicite et contre la perte, la destruction ou les dégâts d'origine accidentelle, à l'aide de mesures techniques ou organisationnelles appropriées (intégrité et confidentialité) ; (...).